

Guy Helmingner • Manuela Olten

# Eng Taass fir d'Nefertiti Nilpäerd









An der Bidde stoung d'Waasser nach vu gëschter. Si huet e Fouss dra gezappt. Et war guer net kal. Dunn huet si »Jiiipiii!« gejaunt an ass an d'Bidde gesprongen. Am selwechten Ament war d'ganz Buedzëmmer iwerschwemmt.

Dräi Stonnen drop huet si sech esou richtig propper gefillt. Si ass op d'Wo geklommen an huet laanscht d'Duch, dat si em de Bauch gewéckelt hat, erof gekuckt. Den Zär huet kuerz geziddert an ass bei 4000 Kilo stoe bliwwen.





